LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N° 503 vum 20. Mäerz 2024 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

1. Ass den Asaz vun enger digitaler Parkscheif (esou wéi uewe beschriwwen, an net manuell manipuléierbar) zu Lëtzebuerg erlaabt? Falls net, aus wéi enge konkrete Grënn ass den Asaz verbueden?

Den Asaz vun enger digitaler Parkscheif ass net erlaabt. D'Parkscheif muss dem europäesche Modell entspriechen, deen am Artikel 167 vum Code de la route festgehal ass. Dës analog Parkscheif hëlleft dem Agent bei enger Kontroll ze erkennen, dass et sech em eng Parkscheif handelt, déi Informatiounen net automatesch ännere kann oder an iergend enger Form vu bausse manipuléiert ka ginn.

2. Ginn et Iwwerleeungen dës Reglementatioun kuerzfristeg ze änneren an sech esou och den Nopeschlänner unzepassen?

Et ass net virgesinn fir eng digital Parkscheif ze erlaben.

Lëtzebuerg, den 19. Abrëll 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko BACKES